N° 5141
Reçue le 23.11.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Gemeinsam Äntwert vum Här Premierminister, Staatsminister, vum Här Verdeedegungsminister a vum Här Minister fir bannenzeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 5141 vum honorabelen Deputéierten Fernand KARTHEISER iwwert de Centre national de crise zu Senneng.

Ad 1)

D'Analys vun dem Risiko vun enger Menace respektiv vun enger Attack gëtt zu Lëtzebuerg am Kader vum Vigilnat-Plang gemaach. An deem Kontext hunn d'Autoritéite keng Informatiounen iwwert eng konkret Menace betreffend der Infrastruktur vum Krisenzentrum.

Ad 2)

D'permanent Iwwerwaachung vu Gebailechkeete respektiv d'Gestioun vun de Fluxen an der Entrée vun engem Gebai gehéiert net zu der Käraufgab vun der Police an de Militär.

Ad 3)

D'Carrière vum Gardien de l'armée besteet seit 2001. Et handelt sech em eng zivil Karriär am Statut vum Staatssalarié. Seit 2001 hunn d'Gardiens de l'armée sech exklusiv em d'Garde vu Sitte vun der Arméi gekëmmert. Et ass ugeduecht, d'Gardiens de l'armée och fir d'Garde an den Accueil vu verschiddene Ministèren oder Institutiounen anzesetzen. An deem Sënn leeft säit 2019 ee Pilotprojet beim Staatsministère. Zu de méigleche Sitten op deenen d'Gardiens de l'armée an Zukunft zum Asaz komme kéinten zielt de Konferenzzentrum vun der Regierung zu Senneng.

Ad 4)

D'Infrastruktur respektéiert déi Sëcherheetsbestëmmungen, déi d'NATO an d'EU fir den Hébergement vu klassifiéierte Réseaue virschreiwen.

Lëtzebuerg, den 23. November 2021

De Premierminister, Staatsminister

(s.) Xavier BETTEL